INSTITUT DE FORMATION
DE L'ÉDUCATION NATIONALE

*IFEN Inspire* Podcast

# S3 EP 02: table ronde (LU)

eduPôle – Walferdange
Route de Diekirch
L-7220 Walferdange
**www.ifen.lu**

Oli Frisch:

Loosst eis elo rausfannen, wat de Ben Schreiner, de Joel Wealer an de Kris Haas eis iwwer d'Ludothéiken ze soen hunn.

Ben Schreiner:

*Haut schwätze mer iwwert e Projet, deen zu Déifferdeng um Woiwer ugefaang huet: eng pädagogesch Ludothéik an der Schoul a ganz enker Kooperatioun mat der Maison Relais. Vun enger éischter FoCo vum Joël (Wealer) iwwert d'Initiativ vun der Woiwer Schoul bis hin zum SCA-Projet Screen-Life-Balance vum Ministère, de Woiwer gëllt mëttlerweil als Musterbeispill, wéi Schoul a Maison Relais zesummeschaffe kënnen.*

Mir kucken haut: Wat ass eng pädagogesch Ludothéik? Wéi funktionéiert dat konkreet am Alldag? An wéi kënnt dat eigentlech bei de Kanner hunn? Dofir begréissen ech häerzlech de Joel Wealer als I-CN an de Chris Haass als Vertrieder vun der Maison Relais. Da giff mol direkt lasskommen.

Joël, ech hat eng Fro direkt un dech. Wéi sinn d'Originne vum Projet? Wou koum déi éischt Iddi hir?

Joël Wealer:

**Majo, fir d'éischt mol décke Merci, Ben, datt mir hei kënnen am Studio stinn an iwwert dat Thema schwätzen. 't ass en Thema, wat mech selwer ganz passionéiert. Mir schwätze ganz vill doriwwer: "Wéi kréie mer d'Kanner zum Léieren?" a Spillen ass u sech deen natierlechste Prozess, fir un d'Léier unzegoen, well mer d'Kanner selwer doheem kucke; si léieren iwwert dem Spill. An och dat algorithmescht Denken, déi Gedanken, déi mam Coding bësse probéieren unzepaken, ganz vill vun deene Saache geschéie ganz natierlech am Spill. Maja, an du hues dës famös FoCo geschwat. Déi hate mer an eisem F.use um Belval, wou mer genau dat beschwat hunn: "Wéi kënne mer d'Spill notzen als pädagogescht Medium an der... wou mer den Tool als Spill notze, fir un e pädagogescht Thema runzegoen?" An dëser Formatioun waren der puer vum Woiwer dobäi an do hunn ech den Appel un d'Schoule gemeet, fir ze soen: "Kommt, mir probéiren dat wierklech an der Praxis ëmzesetze. Wat géif dat heeschen, eng Ludothéik als pädagogescht Medium an der Schoul opzebauen?" Maja, an do hu mer dat dann zesumme mam Daniel (Thiltgen) scho virun zwee Joer ugefaangen an mir hunn Spiller bestallt. Mir hunn lo eng ganz strikt Selektioun vu Spiller gemaach, déi wierklech gutt an e Klassesall passen an dann Aktivitéite mat deene Spiller zum Thema Coding, mee och an de Sproochen, och an der Mathé, wou mer d'Spill halt notzen, fir d'Aktivitéit ze leeden.**

Ben Schreiner:

*Kléngt richteg spannend! Lo wär da meng Fro dozou: "Eng pedagogesch Ludothéik, wat heescht dat iwwerhaapt genau?"*

*Wat ass de Beräich Ludothéik am Verglach par rapport zu enger klassescher Spillsammlung, déi een eventuell an enger Klass rëmfënnt, an wat mécht et iwwerhaapt pedagogesch?*

Joël Wealer:

**Fir eis leeft dat op véier Leveln u sech. Den éischte Level ass, dat mer einfach mol d'Spill am Klassesall zouloossen. Dat heescht, dat geschitt scho relativ vill an eise Schoulen. Mir soen: "Klass, d'Spiller sinn do." Dat si ganz oft Smartgames, Spiller, wou et ganz kloer ass, datt se pädagogesch sënnvoll sinn, wou d'Kanner méischtens entweeder aleng oder zu zweet kënne spillen, wou se relativ roueg kënne sinn.**

**Den zweete Level, an dat ass oft deen, deen dann iwwersprong gëtt, dat nenne mir dann, "Spielen lernen". Dat heescht wierklesch Kompetenzen opbauen, déi ee brauch, fir flott an harmonesch mateneen ze spillen. A genau dat brauche mir, wa mer d'Spill wëllen... als Pedagog an der Klass wëllen asetze, well mir als Enseignante wëllen zefridde sinn mat deem, wat an der Klass geschitt. Maja, da musse mer fir d'éischt déi Saach mol trainéieren. Da mussen d'Kanner wierklech spille léieren. Wat heescht dat, ze fënnef-sechs an engem Dësch matenee sëtzen, jidderee kënnt run, jiddereen huet seng fair Chance, jidderee spillt säin eegent Spill, jidderee gëtt mat gewannen a verléiren eens.**

**An deen drëtte Level, an dat ass dat, wou et da wierklech intressant gëtt, dat ass... dat nenne mer dann "spielend lernen", wou mer d'Spill halt als pedagogescht Medium benotzen. Et heescht, mir wësse ganz kloer, haut maache mer Zehnerüberschreitung an der Klass, haut maache mer Franséisch Vokabel um Thema Déieren a mir hunn da Spiller, déi genau op dat Thema ganz ganz gutt passen. Dat heescht, 't ass wierklech dann éischter eng klassesch Unitéit, wou d'Spill eisen Tool ass, dee mer benotzen. An do hu mer halt Spill ausgewielt an Aktivitéiten dropgesat, déi a wierklesch ganz, ganz gutt passen, wou mer dann och dono ganz vill d'Motivatioun vum Spill notze, fir d'Kanner weider am Léierprozess ze pushen. Mir hunn zum Beispill den Amadillo: e Spill, wou mer würfelen an da mussen d'Zuelen zesummerechne, fir op d'Zuelen zwëschen zéng an zwanzeg zum Beispill ze kommen. An am C2 ass dat super flott, fir Zehnerüberschreitung ze maachen. An duerno gi mer hinnen och en Aarbechtsblat, wou se da rëm d'Würfeln drop gemoolt hunn, den Titel vum Spill dropstoen hunn. A fir si si se nach ëmmer am Spill dran, mee mir... wéi gesot, mir wëssen awer och ganz, ganz genau, wat mir mat der Aktivitéit wëllen erreechnen a mir notzen déi Motivatioun vum Spill weider.**

**An dann de véierte Level, dat ass bëssen d'Kinnégsklass, dat ass wou mer dann Spiller erstellen oder kreéieren a, wéi gesot, dat ass eppes, jo, do muss ee schonn eng gewësse Kultur an der Klass opgebaut hunn, wou mer da mat de Kanner kënnen nei Kaarten, nei Aufgaben, nei Quests, déi se mussen am Spill maachen mat abauen oder vläicht ganz nei Spiller entwéckeln.**

<u>Ben Schreiner:</u>

*Wéi gesäit dat elo an der Praxis aus? Wat kann ee sech dann dorënner virstelle, wéi dat dann konkreet ass?*

<u>Joël Wealer:</u>

**Ganz konkreet Beispiller... Zum Beispill hu mer Franséisch Vokablen traitéiert, andeem mer Spiller gemeet hunn, wou se d'Wierder musse roden. Do gëtt et ganz flott Spiller wéi "Just One" oder "Codenames", déi ganz bekannt sinn, déi mer da ganz bësse rofschrauwen, d'Reegel e bësse méi einfach maachen. Vläicht sou wéi mer Punkte kréien ass dann net sou wichteg, mee einfach d'Spiller-Konzepter notzen, Fir dann sou Thematiken an der Klass ze maachen, an dat ass da wierklesch super spannend. An duerno soe mer de Kanner dann och net "Mir léiere lo nei Vokablen." mee mir hunn einfach eng Lëscht vun 20-30 Wierder, déi mer brauchen. Déi schreiwe mer da vläicht op d'Tafel, well déi brauche mer an deem Spill an iwwert deem, iwwert där Stonn, wou mer da spillen, jo, duerno kënnen d'Kanner déi Wierder. Do hu se eng emotional Basis zu deene Wierder an dat klappt gutt.**

<u>Kris Haas:</u>

Jo, dat ass immens intressant. Mir hunn och vill Spiller vun ënnerschiddlecher Komplexitéit. Verschidde Spiller dauere méi laang wéi anerer. Verschidde sinn éischter fir déi bëssen méi al Kanner, obwuel ech och do soe muss, dass dat och kanndofhängeg ass. Mir hu Kanner, och aus dem Cycle 1, déi scho ganz gutt mat verschiddene Spiller eens ginn, wou grouss Kanner éischter spillen, an dat ëmgedréint hu mer och.

Ma mir hunn zum Beispill vun deene méi einfache Spiller, su Spiller wi Fröschies, wou et ganz einfach ëm d'Zuele vun 1 bis 8 geet, wou een puer Fräschen huet, di dann Jokere si, bëssen Dreck, an da muss een kucke, wéi eng Zuelen zesummepassen. Dat ass éischter fir déi mi kleng. Dann hu mer awer och bësse méi komplex Spiller wi "Âge de pierre" zum Beispill, wou och eng Geschicht dohannertstécht, wou een sech dann am Kapp an d'Steenzäit muss zréckversetzen, wou ee Ressourcë muss sammele fir Hütten ze bauen.

Joël Wealer:

**An ech mengen 't ass genau dat, dat sech an e Spill ranzevoll setzen, wat och am Klassesall da sou eng rise Plus-value ass ne. Dat mécht d'Léieren einfach direkt vill méi einfach. Mir schwätze ganz oft vun intrinsischer Motivatioun. Mir ginn duerch d'Spill de Kanner e Grond, eppes ze léieren. Mir bréngen se iwwer d'Spill an de Kontext vun deem ran, wat mer maachen. Dat kann eng ganz spezifesch Fantasiewelt sinn. Dat kann d'Steinzeit sinn. Dat kënnen aner Thematike sinn. An duerno notze mer dann déi intrinsesch Motivatioun fir dat Thema, déi mer geschaf hunn, fir dann och méi komplex Thematiken heiansdo unzeschwätzen. 't ginn zum Beispill Spiller... Ganz vill Spiller hunn u sech eng Mathematik hannendrun, déi ee misst léisen, fir strateegesch richteg ze spillen, an dat heiansdo engker ze zerleeën, ze kucken. "Wat sinn dann hei d'Probabilitéiten? Wat ass d'Chance, dass de eng sechs kriss an dann duerno nach engker fënnef, fir dass de souvill Schrëtt kanns maachen?" a sou weider, an dat si mathematesch Froen. Wa mer déi sou um Blat gesinn an enger normaler Aufgab, da wär dat relativ komplex, mee wa mer dat mat den Elementer vum Spiller kënne verbannen an hinne virtuell weisen: "Wéi vill Schrëtt muss dat Kaméil lo maache, fir op dat Feld ze kommen?" Da gëtt dat de Kanner einfach vill méi kloer a si hunn natierlech dann d'Loscht och einfach ze léisen. Well mir léisen et jo net nëmmen, fir d'Aufgab um Blat ze stoen ze hunn, mee well mir spillen duerno jo och na eng Kéier. Mir wëllen duerno strategesch schlau spillen, an dat ass d'Iddi hannendrun.**

Kris Haas:

Jo, dat mat der Aktivéierung vun der intrinsescher Motivatioun fannen ech ganz intressant, well dat, wat ganz kloer, och erwënscht ass, ass dass d'Kanner gesinn: "Ech hunn och elo mat menger Kompetenz hei engem ganze Grupp Kanner dat Spill hei nobruet. Ech hunn et hikritt, si an dat Spill hei anzeféieren, hinnen dat Spill hei nozebréngen." An dat ass immens wichteg fir och d'Fërderung vun hirer Selbstwierksamkeet einfach, dass d'Kanner gesinn: "Ech kann anere Kanner esou e Spill erklären an ech kann hinne weise, wéi dat geet, an si kënnen dat lo mat menger Hëllef doheem spillen, mat hiren Elteren". An dat geet da sou weider. Wann d'Kanner d'Spill dann ausléinen, kënnen si, als Expert vun deem Spill, dat Spill och doheem hiren Elteren erklären. Et heescht, d'Kanner entwéckelen och e gewëssene Stolz natierlech op sech selwer, well si elo Expert si vu sou engem Spill.

Joël Wealer:

**Majo, do muss ech soen, dat hutt Der wierklech flott an Ärer Maison Relais gemeet. Ech mengen, mir hunn eis vill um Ufank domadder eisenee gesat: "Wéi geet dat mam Ausléie? D'Kanner déi Spiller lo heembrénge, wäerte se wierklech spillen oder bleiwn se dann awer iergendwou um Schaf leien, well d'Eltere selwer keng Loscht hunn, d'Spiller oder d'Reegelen ze liesen. Dat war eng Diskussioun an do hutt Dir herno d'Léisung fonnt, fir ze soen: "Ok, d'Kanner mussen d'Spill wierklech fir d'éischt bei Iech kenne léieren. Se musse selwer Expert ginn." An da geschitt genau dat, wéis de lo grad erkläert hues, ne, dofir sinn se houfreg drop, si wëllen de Geschwëster, den Elteren da weisen. An da geschitt dat och an dat ass allgemeng och eng Erfarung, déi de Selbstwäert vum Kand stäerkt a sech traut, dat ze maachen, ne, hien ass den Expert dran.**

Kris Haas:

Jo, 't ass eebe genau dat. Mir hate laang driwwer nogeduet u sech, ob mer de Kanner d'Spiller och einfach a sou kënne verléine, wa se d'Spill vläicht nach net gespillt hunn. An do hu mer eis gesot: "Nee, d'Kanner solle schonn awer en gewëssenen Expert vun engem Spill sinn, ier se sou Spill mat heem huelen." Dat mécht jo raus mat de Kanner, wann se dat Spill den Eltren erkläre kënnen. A mir kréien och dann en positive Feedback vun de Kanner: "Jo, ech hu der Mamma dat lo erkläert. Ech hu dem Papa dat lo erklärt." An d'Kanner komme wierklesch oft mat engem Laachen dann zréck mat hirer... mat hirer Tut, déi mer extra entwéckelt och nach hu, fir de Kanner d'Spiller matzeginn.

Wou se dann eebe soen: "Jo, ech hunn dat lo sou a sou oft gespillt... Kann ech nach engker e Spill ausléinen, ja, dëst Kéier an anert Spill."

Dat ass vläicht och dann intressant, fir engker ze soe, wéi mer déi Spiller ausléinen. 't ass esou, dass mer och natierlech vill Kanner hu, mee wëllen dann och fair sinn. Net all Kand kann all Kéiers e Spill ausléinen. Sou vill Spiller hu mer einfach net. Mir hunn e Classeur, wou dann all d'Spiller notéiert ginn. An dann och ëmmer d'Kand, wou och seng Ënnerschrëft dann hannerleet, wann et e... Spill ausléint. Firwat maache mer dat?

Ma, dat huet och e pedagogesche Volet, an zwar ass eis wichteg, dass d'Kanner och eng Verantwortung iwwerhuele, fir dat Spill, dat ze ausléinen. Do ass schonn wierklech deen Hannergedanken, dass d'Kanner léieren: "Ech kréie lo dat Spill mat an ech muss dodrobber oppassen. Ech däerf domadder doheem sou vill spille wéi ech wëll, awer t'ass meng Verantwortung dass dat Spill sou zeréckkënnt, wéi ech et kritt hunn. Dofir déi Ënnerschrëft, an duerno wann d'Spill zeréckkënnt, da kontrolléiere mer dat Spill och a mir kucke: "Wéi ass den Zoustand vum Spill?" an dat gëtt dann och rëm notéiert.

Wann e Spill iergendwéi beschiedegt sollt si, Saache verluer ginn, hate mer alles schonn, nach net ganz oft, 't kënnt awer mol vir, da schwätze mer mat de Kanner driwwer. Ech vermëttelen de Kanner léiwer: "Ech vertrauen iech. Ech weess, dir bréngt mer dat Spill zréck." wéi hinnen d'office ze soen "Pass drop op, dass du dat Spill do net verléiers." Dat ass net de Sënn vun der Saach.

Ben Schreiner:

*À propos Expert, wous du virdru gesot hues... Dir hutt jo d'Iwwersiicht iwwer d'Spiller am Allgemengen. Hutt Dir de Spiller e Label ginn, entweeder Faarwen oder Coden? Oder ass et éischter, dass d'Bezuchspersoun, déi mat de Kanner schafft, mat de Kanner zesummekuckt, wéi ee Spill lo grad ubruecht ass? Dat heescht, ass et éischter, dass si selwer kucken, wat fir si eventuell géif passen, oder ass et éischter, dass en Expert, 't heescht d'Bezuchspersoun froen, fir z'entscheeden, wéi een d'Spill 't hëlt.*

Joël Wealer:

**An der Maison Relais däerfen d'Kanner wierklech zum Gréisstendeel einfach selwer wielen, wéi eng Spiller se wëlle spillen. An der Schoul ass dat natierlech bëssen anescht. Mir als Enseignant entscheeden, wat d'Aktivitéit ass. "Wat wëll ech a mengem Klassesall haut erreechen?" An dofir hu mer d'Spiller jo ganz spezifesch sou gewielt. Dat ass halt ee vun deene Schwieregkeete, wa mer vu sou engem Projet schwätzen. Et passen net all Spiller op soue Zenarien. An eis war et awer ganz, ganz wichteg, datt mer Spiller wielen, déi wierklech e kommerzielle Succès hunn, déi jo ganz oft hu se de "Spiel des Jahrs" gewonnen oder datt mer wierklech wëssen, dat sinn einfach gutt, flott Spiller an da mécht et och Sënn ze soen: "Ok, d'Kanner spillen déi Spiller fräiwëlleg a mir notzen se awer am Klassesall." Mee wéi gesot, do gëtt et net extreem vill Spiller, wou mer dat... géife soen: "Dat ass sou de Fall". An dofir ass et eng gewëssen Expertise, déi dohannert ass.**

**An natierlech muss dann den Enseignant sech och virdrun eng Kéier mat deene Spiller auserneesetzen. Wéi's de och mat de Kanner kee Buch géifs liesen, wats de selwer nach ni gelies hues, muss de d'Spill kennen. Du muss d'Reegele kennen. Du muss genau wësse, wats de wëlls erreechnen. An da stelle mir, vum Grupp vun I-CNen, Materialien zur Verfügung: wéi mer dat kënnen an der Klass notzen, Aarbechtsblieder, déi dozou passen. A mir bidden och Formatiounen un, wou mer dat da wierklech léieren, wou mer do driwwer ginn, wou mer kucke, wéi mer sou eppes organiséieren.**

Ben Schreiner:

*Mir géifen och lo zum Ofschloss kommen. Do wär meng Fro lo un Iech: Ass nach e Message, deen Der wéilt dem Public weiderginn? Respektiv ob d'Leit sech kënne bei Iech och mellen, wa se nach weider Froen haten? Well sou e Podcast ass dach awer bësse kuerz, fir sou e groussen densen Thema an enger Kéier ofzehandelen.*

Kris Haas:

Also ofschléissend kann ech dozou soen: Spiller spillen ass net nëmme spillen. Spiller spillen ass un senger sozial Kompetenz schaffen. Spiller spillen ass u mengem Verantwortungsbewosstsinn schaffen, eeben Verantwortung iwwerhuele fir déi Spiller, déi ech do spillen, souwuel an der Maison Relais wéi dann doheem, dass se sou zréckkommen, wéi ech se kritt hunn. An et ass och einfach mech selwer entdecken: "Wat kann ech gutt? Wéi eng Spiller kann ech besser? Wéi eng Spiller verstinn ech éischter?" Voilà, dat alles zesumme mécht d'Ludothéik zu deem, wat et ass.

Joël Wealer:

**Mellt Iech bei Ärem i-CN. Mellt Iech beim IFEN. Also mir... schaffe ganz gären dee Format aus, wat bei Iech an Är Schoul passt. Mir kommen bei Iech spillen, d'Spill entdecken. Wéi kënne mer dat asetzen? Ech mengen, dat ass dat, wou mir begeeschtert sinn a mir deelen déi, Begeeschterung ganz gären och mat, mat Iech an Ärer Klassen.**